

Allgemeng Geschäftsbedingungen:

1. D´ Anne Barthels (Trainerin) bitt dem Hondbesetzer (Client) eng Déngschtleeschtung un mam Ziel dem Client Wëssen ze vermëttelen, wat him bei der Erzéiung vu sengem Hond hëlleft. De Client kritt nëmmen Handlungsvirschléi. D´Deelhuelen un Übunge während Gruppen- oder Eenzelcours´en, d´spéidert Duerchféiere vun Handlungsvirschléi, souwéi d´Decisioun vum Client, säin Hond vun der Léngt lasszemaachen, ënnerleit der Verantwortung vum Client. D´Trainerin iwwerhëllt keng Verantwortung fir Erfolleg oder d´Erreeche vun Erzéiungszieler.
2. De Client verpflichtet sech, d´Trainerin iwwer aktuell Krankheeten, Verhalensopfällegkeeten, iwwerméisseg Aggressivitéit oder Ängstlechkeet vu sengem Hond virum 1. Treffen ze informéieren! Falls den Hond gesetzleche Moosnamen ënnerleit (Maulkuerf- oder Léngtpflicht) gelt dëst och während dem Training.
3. Deelhuelen däerf all Hond >4 Méint, dee gesond an net leefeg ass. Eng gültig Haftpflichtversécherung, Umeldung op der Gemeng an Tollwutimpfung ënnerleien der Verantwortung vum Client. Vollen Impfschutz gëtt vun der Trainerin empfehlen. De Client, deen den Hond am Training féiert, muss >18 Joer al sinn oder vun engem Erzéihungsberechtigte begleet gin.
4. D´Trainerin huet d´Recht ee Cours aus wichtege Grënn ofzesoen an/oder op een anere Rendez-vous oder eng aner Plaz ze verleeën. Am Fall, wou ee Cours ouni Ersatz vun der Trainerin ofgesot oder ofgebrach gëtt, ginn d´Suen undeeleg zrëckerstatt.
5. De Client verpflichtet sech, sech (mat sengem Hond) sou ze behuelen, dass den Oflaf vun de Cours´en net staark gestéiert gëtt a keng Gefor fir sech selwer oder een aneren besteet. Heen hält sech natierlech un d´Reegele vun der Hygiène an dem géigesäitegen Respekt. De Client dréit och d´Verantwortung/Haftung fir aner Muppen/Déieren/Leit, déi hie matbréngt. D´Trainerin kann net fir Schuedensersaazusprech haftbar gemaach gin.
6. D´Trainerin huet zu all Moment d´Recht ee Client aus engem Cours auszeschléisse falls dësen sech net un d´AGB hält.
7. Filmer, Fotoe mat Leit oder Dokumenter etc däerfen ausschliisslech am geheime Facebook-Grupp "AB-Muppen4schein" verëffentlecht ginn! (Ausnahm: schrëftlech Awëlllegung vun allen erkennbare Persounen.)
8. Di verschidden Moduler vun der AB-Hondbesetzerschoul an Seminarer sinn am viraus ganz ze bezuelen (no Rechnung). D´Umeldung ass nëmmen definitiv nodeems de volle Betrag un d´Trainerin bezuelt gouf. Bei Net-Deelhuelen un engem Cours oder am Fall vu fréizäitegem Ofbrieche vun de Cours´en get näischt zrëckerstatt. Ee Rendez-Vous, dee méi spéit wéi 24 Stonne virdu vum Client ofgesot oder net agehale gëtt, kann a Rechnung gestallt ginn.
9. D´Cours´en sin op lëtzebuergesch.
10. Eenzeltrainerer ginn ausschliisslech zesumme als ganze Module ugebueden. Am Fall wou de Rendez-Vous ausserhalb vun den normalen Trainingsplaaze stattfënnt, ginn Fuerkäschte vun 0,50€/km berechent.
11. D´AGB gëllen als vum Client bestätegt, soubal hien d´Umeldung ënnerschriwwen oder d´Suen fir ee Cours bezuelt huet.
12. Präisser fir déi verschidde Cours´en stin op der Internetsäit an/oder kenne bei der Trainerin gefrot ginn.